de pefferkär

D'Alternativ fir Diddeleng

Gemengewalen 2017

ADR: eng kloer Sprooch!

D'ADR ass d'Partei vun der Rentegerechtegkeet. D'ADR ass d'Partei vum Referendum, mat hirem 3x Nee. D'ADR huet gewisen, datt si denkt, wéi d'Leit am Land och denken.

D'ADR ass eng jonk Partei mat just 30 Joer. Vun hire soziale Wuerzelen huet si sech weiderentwéckelt zu enger sozial engagéierter, un de Wäerter vum Land orientéierter Partei. D'ADR verdeedegt d'Demokratie an d'Rechter vum Eenzelnen. Duerfir wëlle mir eisen Asaz an der Gemengepolitik verstäerken.

Mir bezéie kloer Positiounen, an eis Haaptthemen bleiwen an der Gemengepolitik aktuell

- *Lëtzebuerger Sprooch a Kultur*
- *Integratioun*
- *Schoul, Familljen- a Sozialpolitik*
- *Antriede fir d'Privatsphär an d'Meenungsfräiheet, mee och fir d'Sécherheet*
- *eng humanistesch a rechtlech Approch zur Flüchtlingspolitik*
- *Hannerfroe vun den EU-Exzesser an d'Betoune vum Wäert vum Nationalstaat*
- *fräi Maarktwirtschaft a keng Verwaltungswaasserkäpp.*

D'ADR verdeedegt de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. Nom Subsidiaritéitsprinzip soll de Staat sech just ëm Aufgabe këmmeren, déi net besser vun der Gemeng ze erleedege sinn.

Wouhi mam Verkéier zu Diddeleng?

De Verkéier ass eng Plo zu Diddeleng. D'Autobunn an d'Stad ass dacks zou. D'Uertsafahrt iwwer d'Lëtzebuerger Strooss ass net besser drunn. An Diddeleng, der Stad vun de ville Barriären, ass de Verkéier duerch d'Zich obgehalen.

Den Duerchgangsverkéier ass enorm a vill Tankstellen a grouss Geschäfter zéien ëmmer méi Autoen un. Trotzdeem gëtt d'Gewan tëscht Diddeleng an Beetebuerg weider zoubetonéiert. An zwar mat der Zoustëmmung vun deene Politiker, déi sech awer op där anerer Säit iwwer de Verkéier opreegen. Méi Geschäfter a méi Betriber schueden de Bierger a Geschäftsleit vun Diddeleng a Beetebuerg. Entspriechend grouss sinn d'Stauen an de Spëtzestonnen.

Nach guer net anzeschätzen ass den Impakt vum Logistikzenter, dee bis zu 3.000 weider Camione kéint an de Raum Diddeleng-Beetebuerg lackelen. Dobäi kënnt den Autosverkéier vu wäit iwwer 1.000 Leit, déi do sollen eng Aarbechtsplaz fannen. De Verkéierschaos gëtt nach méi grouss.

D'Lëtzebuerger Strooss huet scho genuch Trafic mat der Opfaart op d'Collectrice an op d'Autobunn, dem Step, dem Staatslabo an den aktuellen Industrie- a Geschäftszonen tëscht Diddeleng a Beetebuerg.

D'ADR proposéiert op der **Säit 6 vun dësem Pefferkär** konkret Pläng, fir datt dat net geschitt. Eeemol gëtt do d'Méiglechkeet behandelt, fir d'Zuchgleiser am Zentrum ënnerierdesch ze leeën.

An donieft kucke mer eng Ureegung vun der Biergerinitiative Biireng 21 fir en "Train-Tram".

Eng wonnerschéin Allee hätt bal misse stierwen ... fir nach méi Verkéier.

Inhaltsverzeechnes

ADR: eng kloer Sprooch
Wouhi mam Verkéier zu Diddeleng?
Säit 1
Alternativen am Sport, bei der Gesondheet an der Kultur
Säit 2
D'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur
op déi éischt Plaz!
Behënnerten- a senioregerecht Politik
6 Prioritéite fir Är Gemeng
Solidaritéit a Gerechtegkeet
Säit 3
Kompetent politesch Gouvernance, w.e.g.!
Mëmber-Formular
Säit 4
Konkret Hëllef Fir Famillje mat Kanner
Keng Parkplatzsuerge fir d'Awunner
Tourismus läit eis um Häerz!
Säit 5
Wéi geet de Verkéiersknuet Diddeleng-Beetebuerg op?
Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz, awer och mat Verstand
Säit 6
Ëmwelt a Liewensqualitéit sinn eis wichteg!***Säit 7***
Eis Kandidate fir Är Gemeng
Säit 8

Walprogramm (Lëtzebuergesch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

Wahlprogramm (Deutsch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

Programme électoral (Français)
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

Election program (English)
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

Programa eleitoral (Português)
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/

Alternativen am Sport, bei der Gesondheet an der Kultur

D'ADR an der Gemeng setzt sech och an am Beräich ...

... Sport:

Am Aklang mat de reelle Bedierfnesser vun de Clibb setzt sech d'ADR voll a ganz fir d'Ënnerstëtzung vu lokale Sportsveräiner an. Grad zu Diddeleng sinn eis Veräiner all Joer Garant fir deen een oder aner Meeschtertitel an alle Sportaarten. Si droen och bäi zum gudde Numm vun eiser Stad am Minett an am Land.

Mir sinn der Meenung, datt een iwwert den Engagement vun de Sportsclibb integrativ d'Kanner- a Jugendbetreiung ënnerstëtze muss. Sportprogrammer sollen sech zudeem un de breede Publikum riichten a Bierger aus allen Altersklasse sollen u sportlechen Aktivitéiten deelhuele kënnen. D'ADR an ärer Gemeng wäert

- deene lokale Sportsveräiner finanziell ënnert d'Äerm gräifen an hinnen déi néideg Infrastruktur zur Verfügung stellen
- Sport och am drëtten Alter mat adaptéierte Méiglechkeete förderen an ënnerstëtzen
- eng global Versécherung ofschléisse fir Fräizäitaktivitéiten, déi d'Gemeng ubidd
- Sportsinstallatiounen an de Parken opstellen fir de breede Publikum

Diddeleng ass Sportstad a soll dat och bleiwen.



... Gesondheet:

D'ADR an ärer Gemeng wäert am Beräich vun der Gesondheet:

- Zu Diddeleng wëlle mir eng Maison médicale, déi all Dag 24 Stonnen op ass
- Konzepter erschafe, déi d'Versuergung um medezineschen Niveau verbesseren
- Déi medezinesch a medikamentéis Versuergung an Noutfäll, nuets an de Weekend méi effikass gestalten a soumat verhënneren, datt de Bierger wäit Weeër muss zréckleeën, fir medezinesch a medikamentéis versuergt ze ginn.

Kultur:

D'Förderung vun engem spannenden a faarwege Kulturliewen ass eng vun der Gemeng hiren zentralen Aufgaben. D'ADR an ärer Gemeng wäert:

- lokal Kulturveräiner a Kulturhaiser beim Erschafe vun engem variéierte Kulturprogramm materiell a finanziell ënnerstëtzen
- kulturell Veranstaltungen (Concerten/ Theater) an der Gemeng organiséieren/ ënnerstëtzen — och mat Akzent op d'Lëtzebuerger Kultur
- d'Lëtzebuerger Kultur fleegen an un auslännesch Matbierger vermëttelen – fir d'Integratioun ze förderen

D'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur op déi éischt Plaz!

D'ADR ass déi Partei, déi sech wéi keng aner hei am Land an ouni Kompromëss fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Mir setzen eis dofir an, datt eis Lëtzebuerger Sprooch esouwuel op nationalem, wéi och op kommunalem Niveau zu hirem Recht kënnt.

D'ADR setzt sech gär an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch un éischter Plaz steet:

- an de Gemengepublikatiounen
- a Bréiwer, Dokumenter an Informatiounen
- um Internet-Site vun der Gemeng
- an der Äntwert op een - op Lëtzebuergesch formuléierte - Bréif
- op Stroosseschëlder

Firwat net méi Lëtzebuergesch op der Gemeng? Si mär keng?

- Integratiounshëllef mat gratis Sproochecoursen (eventuell mat enger Aschreiwtax, déi bei Presenz an de Couren zeréckbezuelt gëtt). Déi Coursen sollen och ausserhalb vun übleche Schaffzäiten ugebuede ginn.

D'ADR huet kee Problem domat, wann d'Awunner vu Lëtzebuerg och an anere Sproochen informéiert ginn. Allerdéngs hale mir dorop, datt Lëtzebuergesch déi éischt Sprooch ass.

6 Prioritéiten fir Är Gemeng

1. Bezuelbaart Wunnen: D'ADR huet konkret Solutiounen fir d'Gemeng!
2. Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen.
3. Mobilitéit ouni Dirigismus: D'Gemeng organiséiert de Matenee vun Auto, Foussgänger a Velo. Si mécht net de Choix vum Verkéiersmëttel.
4. Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen: Mir brauchen Uertschaften, wou Kanner sech kënne wuelfillen an entfalen.
5. D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun: Un der Gemeng ass et, eis Sprooch ze verbreeden.
6. Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand: D'Gemeng muss an dëser Fro matschwätzen an d'Decisiounen däerfen net iwwer d'Käpp vun de Bierger ewech geholl ginn.

Solidaritéit a Gerechtegkeet

Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet droen zu enger gudder Liewensqualitéit bäi. Fir d'Solidaritéit géigeniwwer deene Matbierger am héijen Alter an deene mat Krankheeten oder Behënnerungen, muss och d'Gemeng mat Verantwortung droen. D'Gemeng soll zesumme mat spezialiséierten Associatiounen an Hëllefsdéngschter dozou bäidroen, datt déi betraffe Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Gemengeliewen ausgeschloss ginn.

Fir dëser Verantwortung gerecht ze ginn, suergt d'ADR dofir, datt d'Gemeng

- intergenerationell Projete ausschafft a férdert
- e qualitativ héichwäertegen an ëmweltfrëndleche Service "Iessen op Rieder" ubitt
- de Ruffbus als flexiblen Transport fir déi Betraffen, fir um alldeegleche Liewe kënnen deelzehuelen
- kommunal Gebailechkeete fir d'Geschäftswelt ze erhalen, z.B. iwwer de Wee vum symbolesche Loyer

Behënnerten- a senioregerecht Politik

D'UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung gouf 2011 vu Lëtzebuerg ratifizéiert. Och wann hei punktuell scho munches ëmgesat gouf, sou feelt nach ëmmer villes. Ëmmer nach stoussen déi betraffe Leit op schwiereg Situatiounen, déi hinnen et net erlaben, u gesellschaftlechen Uläss deelzehuelen oder sech fräi an der Gemeng ze beweegen, ouni op äusserlech Aschränkungen ze stoussen.

D'ADR setzt sech dofir an, datt déi gesamt Gemengeninfrastruktur am Laf vun der nächster Legislaturperiod behënnerten- a senioregerecht gemaach gëtt. Diddeleng huet heidran eng besonnesch Verantwortung als Heem fir vill Matbierger mat Behënnerung.

Dëst betrëfft esouwuel den Accès wéi och d'Beweegen ënnerhalb:

- administrativen a kulturelle Gebaier

Diddeleng muss behënnertegerecht sinn.

- Gebaier vu Bildungs- a Betreiungsstrukturen
- Gebaier vum Gesondheetssystem a vu Fleegestrukturen
- Kierchen a Kierfechter
- Sport- a Fräizäitanlagen
- Sanitär-Anlagen
- Verkéiersstrukturen, wéi z.B.: Foussgängerluuchten, Stroosseniwwergäng, Busarrêten ...

Duerfir muss en Inventar opgestallt ginn, an deem fir all ëffentlech Infrastruktur an der Gemeng festgehale gëtt, ob si behënnerten- a senioregerecht amenagéiert ass. Am Gemengebudget muss dann och all Joer e Programm a Kreditter festgehale ginn, fir dës spezifesch Infrastruktur ze verbesseren.

Desweideren wäerte mir och d'Bautereglement esou änneren, datt nei Appartementshaiser a Geschäftslokaler direkt no behënnerten- a senioregerechte Kritäre musse gebaut ginn.

D'ADR wäert dofir suergen, datt eng integral behënnerten- a seniorefrëndlech Upassung vun alle Gemengeninfrastrukturen net just a Sonndesriede versprach gëtt, mee och an d'Realitéit ëmgesat gëtt.

Eng flott nei Plaz ass net alles: De Gesamtkonzept muss gutt sinn.

Kompetent politesch Gouvernance, w.e.g.!

D'ADR steet fir eng staark Gemengenautonomie: All Themen, déi op kommunalem Niveau behandelt kënne ginn, sollen och an der Verantwortung vun der Gemenge bleiwen. Mir setzen eis a fir eng selbstbestëmmt an eegenverantwortlech Gemeng. Fir datt d'Gemengepolitiker an deem Sënn hirer wichteger Aufgab voll a ganz gerecht kënne ginn, well d'ADR an ärer Gemeng ëmsetzen:

Eng systematesch Ënnerstëtzung vun de Gemengen- a Schäfferéit duerch Besiche vu Formatiounen a Weiderbildungen.

D'ADR an ärer Gemeng setzt sech desweidere fir eng verantwortungsvoll a nohalteg Finanzpolitik an.

- Wann et nëmme geet, keng Erhéijung vun den Taxen oder Gemengesteieren
- Wann et nëmme geet, kee Léine vu Suen
- D'Léine bleift d'Ausnam an däerf nëmmen dann ugewannt ginn, wann et sech op konkret a sënnvoll Investitioune bezitt.
- Investitioune si sënnvoll, wa méiglechst vill Bierger dovu profitéieren (natierlech ouni dobäi déi Léit mat spezielle Bedürfnisser ze vergiessen)
- D'ADR mécht sech géint Korruptioun a Vetternwirtschaft och op kommunalem Niveau staark!
- D'ADR an ärer Gemeng setzt sech an, datt d'Entwécklungshëllef prioritär eng staatlech, a net eng kommunal Aufgab bleift.
- Wëllen d'Gemengen hir eege Programmer fir Entwécklungshëllef opstellen, sollen dës mam Staat koordinéiert ginn, fir duebel Aarbecht an Inkohärenzen ze verhënneren
- D'ADR an ärer Gemeng setzt sech a fir méi Biergerbedeelegung.
- Bei wichtege kommunale Froe soll de Bierger matschwätzen däerfen!
- Et soll an deem Sënn kënnen ee Referendum op kommunalem Niveau ofgehale ginn!

Fir datt Diddeleng Diddeleng bleiwt!

---------- ausschneiden an un ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken ----------

Gidd Member an der ADR, a frot och Aër Familljemembren a Frënn, fir Member ze ginn.

De Joresbeitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

Email: .....

de pefferkär

Oplag: 8.450
Verantwortlech fir dëse Pefferkär
vun der Gemeng Diddeleng
ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei
22, rue de l'Eau
L-1449 Lëtzebuerg

www.adr.lu

Konkret Hëllef fir Famillje mat Kanner!

D'ADR wëll e fräie Choix fir Kanner doheem oder an de Crèchen ze versuergen.

D'Kanner sinn d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. Eng optimal Betreiung an Erzéiung, déi och de neie Liewensgewunnechte gerecht gëtt, huet fir d'ADR absolut Prioritéit. D'ADR wëllt den Elteren de Choix loossen, hir Kanner selwer ze erzéien oder qualitativ héichwäerteg Strukturen ze gebrauchen. Wichteg sinn eis dobäi besonnesch och d'Problemer vun elengerzéienden Elteren.

An deem Kontext stellen sech och op kommunalem Niveau eng ganz Rei wichteg Erausfuerderungen, déi d'ADR bereet ass, an eiser Gemeng unzepaken, andeems mir:

- eis asetze fir qualitativ héichwäerteg Crèchen an genuch Plazen an de Gemengecrèchen
- en oppenen Dialog féieren tëscht den Elteren, der Gemeng an de Betreiungsstrukturen (z.B. Jugendhaus, Crèchen, Schoulen asw.), fir esou méiglech Defiziter méiglechst séier erkennen a mat Verbesserungen entgéintwierke ze kënnen
- eis fir eng Maison Relais zu familljefrëndlechen Auerzäiten a mat Zougang op eng Bibliothéik, en Turnsall a Computere fir d'Kanner asetzen
- d'Interesse vun de Kanner u kommunale Veräinsstrukturen (Sportsveräiner, Museks- an Theaterveräiner asw.) férderen a si fréistméiglech an d'Veräinsliewen abezéien (beispillsweis duerch Schnupperformatiounen)
- d'Jugend beroden, hinne Fräizäitméiglechkeete bidden a hinnen hëllefen, sech op d'Aarbecht virzebereeden (mat engem qualitative Konzept fir Projeten zur berufflecher Orientéierung)
- Aarmut biergerno an onbürokratesch bekämpfen an d'Prozedure fir d'Ufroe vun Hëllef vereinfachen
- e familljen- a kannerfrëndleche Kader schafen, mat Spillplazen, ëffentlech Wéckeldëscher, asw.

Keng Parkplatzsuergen fir d'Awunner

D'Parksituatioun an de Gemenge gëtt ëmmer méi schwéier.

Duerfir sti mir fir de generaliséierte Parking résidentiel an alle Wunnzonen. Op de Gemengen-Parkplazen, déi net fir P&R sinn, ass d'Parkdauer vu 7 Auer mueres bis 18 Auer op 4 Stonne limitéiert, fir ze verhënneren, datt Pendler hir Autoe heihistellen.

Mir wëllen och derfir suergen, datt de Parking residentiel an der Gemeng eenheetlech an anstänneg gereegelt ass. Eng Vignette soll den Awunner onbegrenzt Parkrecht an hirem Quartier an zousätzlech mindestens 2 fräi Parkstonnen um iwwregen Terrain vun der Gemeng ginn.

Fleegdéngschter am Asaz beim Bierger kréie bei eis eng gratis Parkvignette,

Et ass enk, op de Stroossen an op de Parkinger.

Diddeleng: Tourismus net grad groussgeschriwwen.

Tourismus läit eis um Häerz!

Fir vill Gemenge spillt den Tourismus eng wichteg Roll. Dofir dréit nieft dem Stat och d'Gemeng an eisen Aen mat Verantwortung an dësem Beräich.

D'ADR wäert:

- regional an interkommunal Vëlospisten a Foussweeër
  - ausbauen an ënnerhalen
  - korrekt an iwwersiichtlech beschëlderen
- ëm den Tourismus beméite lokal a regional Syndikater an Tourismusbüroen ënnerstëtzen, fir touristeschen Hebergementer an Aktivitéiten an der Gemeng ze hëllefen
- duerch Moossnamen iwwert d'Gemengereglement verhënneren, datt nei Forme fir Touristen opzehuelen (wou z.B. privat Leit hir Zëmmeren zur Verfügung stellen), deenen an der Gemeng etabléierten Hotellen deloyal Konkurrenz maachen
- d'Konzept vu der Vakanz um Bauerenhaff ënnerstëtzen an historesch Bausubstanzen erhalen.

Matschaffen!

Froen?

Ureegungen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen? Oder géingt Dir gär aktiv bei eis matschaffen? Dann zéckt net a rufft einfach un, ënnert der Nummer:

+352 26 20 37 06

Wéi geet de Verkéiersknuet Diddeleng-Beetebuerg op?

D'Gewan tëscht Diddeleng a Beetebuerg gëtt Affer vum Wuesstem a vun der Verkéiersplanung.

Fir d'Haaptlaascht vum Diddelenger Verkéiersproblem unzegoen, gëtt et zwee intressant Usäz, déi sech gutt matenee verbanne loossen. Si géinge no a no d'Léisung vum Problem bréngen.

Scho fir d'Gemengewalen 2011 hat d'Diddelenger ADR d'Iddi vun enger Ënnertunnelung vun den Zuchsgleiser duerch Diddeleng viirgestallt. Dee Plang gesäit fir:

- d'Gleiser ënnerierdesch ze féieren vu virun der Diddelenger Gare bis ongeféier op d'Héicht vum Waassertuurm.
- dräi Barriäre géingen esou ewech falen (Keeler Strooss, Jean-Jaurès-Strooss a Karl-Marx-Strooss)
- d'Trass vum Zuch notzen fir eng nei Verkéiersplangung mat enger anstänneger Duerchgangsstroos vun der franséischer Grenz bis hannert den alen Kierfecht op d'Beetebuerger Strooss
- e flotte Wunn- a Parking-Arrangement an de Stroossen Etang a Chemin de fer
- Dat ass en éiergäizege Projet, deen net an e puer Méint ka realiséiert ginn. Duerfir huet d'ADR mat vill Interessi verfollegt, wat am Kader vun dem Biergerprotest iwwer d'Pläng fir d'Lëtzebuerger Strooss ofzeholzen geschitt ass.
- Datt dat net passéiert ass, bleiwt de Verdéngscht vun der Biergerinitiativ Biireng 21

D'Iddi mam Train-Tram vu Biireng 21

En Train-Tram wéi de Citadis Dualis ass en intelligente Mix tëscht Zuch an Tram, deen d'Viirdeeler vun deenen zwou Zorte Gefierer matenee verbënnt, wéi d'Biergerinitiative erkläert.

- eng Villzuel vun Dieren pro Wagon, fir d'Eran- an Erausklammen méi séier ze maachen
- d'Méiglechkeet, fir d'Kräizungen vu Strooss a Schinn mat roude Luuchten ze organiséiren (an déi vill Barriären zu Diddeleng géingen ewechfalen)
- en Train-Tram ka Schrëtttempo fueren an op oppener Streck bis zu 100 km/h (wichteg fir Direktverbindungen an d'Stad)
- d'Gefier ka no Bedarf méi grouss a méi kleng gemaach ginn, an et kënne iwwert 300 Passagéier transportéiert ginn, am Géigesaz zu den ale ramponéierte Autorailen, déi an der Zäit tëscht Diddeleng a Betebuerg zirkuléiert sinn.

Laangfristeg kéinten den Train-Tram, dee relativ séier asetzbar ass, an den Zuchtunnel den Diddelenger Verkéiersknuet opmaachen. Ee Grond fir op d'Infoversammlung vu Biireng 21, **den 28. September, um 19 Auer am alen Hild** gespaant ze sinn.

Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz, awer och Verstand

Bei der Flüchtlingspolitik ass d'ADR fir human Léisungen, ënner Berécksiichtegung vun deene relevanten internationale Konventiounen. Mir sinn net d'accord mat der Flüchtlingspolitik vun der EU a Regierung. Europa kann net jiddereen ophuelen a Lëtzebuerg scho guer net. Dowéinst wëll d'ADR deene Leit Hëllef bidden, déi d'Hëllef wierklech brauchen. D'ADR ass géint e Quotesystem fir d'Migranten op d'Gemengen ze verdeelen. Mir bestinn op de Prinzip vum fräie Wëllen, geknäppt u Konditiounen.

Fir d'Opnam an der Gemeng gëllt:

- net de Stat eleng decidéiert, mee och déi eenzel Gemeng an hir Bierger entscheede mat iwwer d'Opnam vu Flüchtlingen
- hëlt eng Gemeng fräiwëlleg Flüchtlingen op, kréie si Ënnerstëtzung vum Stat
- fir Flüchtlingen opzehuelen, muss d'Gemeng e volontaristeschen Integratiounsplang hunn
- mat der Flüchtlingsopnam duerf et net zu Parallelgesellschafte kommen

Fir d'Wunnengsfro gëllt:

- sougenannte Containerdierfer brauchen den Accord vun der Gemeng
- de Stat soll net just iwwer d'Prozedur vum POS (plan d'occupation des sols) verfueren
- et däerf net zu "Ghettoen" kommen
- et gi kloer Prozedure fir ALL Leit, déi eng Wunneng brauchen a sichen, ouni Privilegéierung oder Diskriminéierung vun engen oder aneren

Fir d'Integratioun vun deene Flüchtlingen, déi bleiwen däerfen, gëllt:

- d'Gemeng huet eng aktiv Roll am Dialog tëscht de Flüchtlingen an de Bierger a Veräiner
- en Integratiounsplang muss opgestallt ginn, fir d'Leit, déi bleiwen däerfen, séier Lëtzebuergesch ze léieren a si optimal ze integréieren
- d'Kanner sollen an d'Aktivitéite vu kommunale Betreiungsstrukturen agebonne ginn
- Kanner am Grondschoulalter, sollen an der kommunaler Grondschoul opgeholl ginn, ënnert der strikter Bedéngung, datt de Schoulministère zousätzlech Ressourcen (besonnesch Personal a Material) dofir bereet stellt

Ëmwelt a Liewensqualitéit sinn eis wichteg!

En Terrain fir sech auszetoben ... wichteg, mee net grad eng Top-Prioritéit.

Der ADR läit d'Ëmwelt um Häerz. Mee d'Problemer mat deem onerhéierte Wuesstem, dee Lëtzebuerg iwwer d'Joerzengte kennt, verlaangen no Léisungen.

Gemengen kënnen iwwerméissege Waasser- an Energiekonsum an iwwerméissegen Offall richteg deier maachen. Si kënne Bauviirschrëfte maachen, fir datt energiebewosst gebaut gëtt. Si kënne Grengzonen definéieren a Land vum Wunnengsbau verschounen. Si kënnen dem Bierger hëllefen, säin Dreck ze triéieren a richteg ze entsuergen.

Eng Gemeng muss awer ëmmer am Déngscht vum Bierger schaffen a seng Interessien an Iddien am Aen hunn.

Si ass do fir dem Bierger ze hëllefen an net, fir hien ze schikanéieren.

Si ass och net do, fir hien ze erzéien. De Bierger soll ëmmer de Choix hunn, wéi hie säi Liewe wëll féieren a sech wëll organiséieren!

"Intelligent Compteuren" hëllefen dem Bierger, fir säi Stroumverbrauch ze verstoen. D'Gemeng an de Stat hunn awer kee Recht, op Grond vun dësen Donnéeën dem Bierger seng Gewunnechten auszespionéieren.

Liewensqualitéit an de Wunnquartiere heescht: kee wëlle Parking, kee Nuetskaméidi, ëffentlech Feieren do, wou se net d'Nuetsrou stéieren ...

Gemengebaier sinn ideal fir effikass Solaranlagen opzestellen: All Bierger ka sech finanziell dodru bedeelegen an dovu profitéieren. Och Kogeneratiounsanlagen maache Sënn.

Duerfir wäert d'ADR an der Gemeng dës Regelen duerchsetzen:

- Gemengeservicer op iwwerméissege Ressourcekonsum (Verbëtzen duerch schlecht Waasserleitungen ...) an ëmweltschounend Praktiken préifen (Botz- a Planzeschutzmëttel, Käercher, Blos- a Suckelapparater fir d'Strooss propper ze halen ...).
- Infrastrukturen wéi Kanäl, Leitungen a Kläranlagen plangen mam Wuesstum vum Land a vun der Awunnerzuel am Hannerkapp.
- Ëmwelt- an Energienormen däerfen net dem Bierger Nodeeler brengen oder de Choix huelen.
- 30 Fudder Waasser gratis op de Kapp an duerno eng progressiv gestaffelt Tax.
- Wann eng Gemeng net laanscht d'Erweiderung vum Bauperimeter kënnt, muss dat esou ëmweltschounend wéi méiglech (keng wäertvoll Grengzonen) an am Respekt vum Uertscharakter (keng laanggezunne Stroossendierfer) geschéien.
- D'Beanträchtegung vun der Liewensqualitéit duerch iwwerméissege Kaméidi an iwwerméisseg Nuetsbeliichtung kontrolléieren an aschränken.
- Eng Gemeng brauch net just schéi Parken a Plaze mat Beem a Blummen: Si brauch och Gaardekolonien a Gemeinschaftsgäert a Wisen, wou d'Leit kënne spille, Sport dreiwen, sech fit halen ...
- De Bierger hire Wënsch (Sondage) bei der Wunndensitéit (Haiser fir méi Familljen) an Awunnerzuel soll no Informatiounsversammlungen bei der Gemengeplanung Rechnung gedroe ginn.

Trafic-Experimenter mat Shared Space an der enker Niddeschgaass.

Al a ganz al Konzepter vum soziale Wunnengsbau am Brill: haut nach denkbar?

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Alternativ fir Diddeleng

Haas Vic
71 Joer
Gemengeconseiller

Block Maggy
63 Joer
Hausfra

Bouchard Guy
61 Joer
Apdikter

Bouchard-Kaspar Sandra
49 Joer
Chargée de Cours

Büchler Maurice
63 Joer
Pensionéiert

Contins Antonio
36 Joer
Fräiberuffler

Dos Santos João
70 Joer
Pensionéiert

Fernandes de Almeida Helena
56 Joer
Vendeuse

Freitas da Costa Julia
57 Joer
Serveuse

Gibéryen Alain
47 Joer
Salarié

Kaysen Jean
61 Joer
Pensionéiert

Kraemer Pierre
59 Joer
Handwierker

Lauer Willy
47 Joer
Salarié

Mich Sandra
43 Joer
Hausfra

Neto João
49 Joer
Invaliderentner

Schmit Michèle
53 Joer
Salariée

Turmes Manuel
56 Joer
Staatsemployé

Villwock Bernard
69 Joer
Pensionéiert

Ziger Eugène 77 Joer
Pensionéiert

D'Alternativ fir Är Gemeng!